


Préizerdauler Noriichten

Bieberg, Platen, Proz, Rëmereich, Horas, Routbaach



INHALT

Eis Gemeng	3	Fotoen aus eiser Gemeng	62
Syndikater	44	Veräiner	63
Schoul	59	Kontaktlëscht	71
Par Atertdaul	60		

Avis au public

Les bureaux de l'Administration communale sont fermés au public les vendredis, 2 et 30 mai 2025.
D'Buroë vun der Gemeng Präizerdaul bleiwen zou Freides, den 2. an 30. Mee 2025.



Commemoratioun
Schankegriecht 06



Personaléierungen bei
der Gemeng Präizerdaul 18



Buergebrennen mat
Fakelzuch am Präizerdaul 64



Viichter a Mäerzeger
Geschichtsfrënn 66

Impressum

Realisatioun: Gemeng Präizerdaul
ënnert der Responsabilitéit vum Schäfferot
Fotoen: Charles Reiser, Tom Demuth a Gemeng
Cover: Tom Demuth
Redaktiounsschluss fir déi nächst Zeitung: 01.07.2025
Veräiner sollen hir Beiträg per mail un buet@preizerdaul.lu schécken

Imprimé sur papier 100 % recyclé  PRINTED IN LUXEMBOURG

PacteClimat
Ma commune s'engage pour le climat

PacteNature
Ma commune s'engage pour la nature

PacteLogement
Ma commune s'engage pour le logement accessible



**Zesumme
liewen**
GEMEINDEPAKT

Léif Dauler Leit,

D'Deeg gi méi laang, d'Natur erwächt – d'Fréijoer an Ouschteren sti virun der Dier.

Gläichzäiteg sinn et elo fënnef Joer hier, datt d'Welt fir en Ament den Otem ugehalen huet. De 16. Mäerz 2020 ass Lëtzebuerg an de Lockdown gaangen, an eng ganz besonnesch Zäit huet ugefaangen.

Et gi Momenter an der Geschicht, wou e spiert, datt eppes Fundamentales geschitt. D'Corona-Pandemie war esou e Moment.

Haut erliewe mir nees eng Zäit vum Wandel – d'Welt ass amgaangen sech ze veränneren, an Europa an och Lëtzebuerg sti virun groussen Erausforderungen an Entscheedungen.

Mir müssen un eisen haart erkämpfte Wäerter vu Fridden, Fräiheet an Solidaritéit festhalen, och wann se op anere Plazen op der Welt a Fro gestallt ginn. Et geet ëm fundamental Prinzippien, ëm d'Zukunft vun eisem Deel vun der Welt an ëm d'Wäerter, fir déi schon eis Elteren a Grousselteren a schwéieren Zäite gekämpft hunn.

Europa a Lëtzebuerg stinn elo viru wichtege Entscheedungen, fir Fräiheet, Fridden a Wuelstand och an de kommende Joerzénge ze sécheren. Fräiheet a Fridde sinn net selbstverständlech, sie hunn e Präis, an dee müssen mir elo gewëllt sinn ze „bezuelen“.

Dofir ass et wichteg, datt mir als Gesellschaft staark si fir eis Wäerter ze verdeedegen.

Staark sinn heescht awer net, Muecht ze hunn, mee Eenheet ze weisen. Fräiheet ass net nëmme Onofhängegkeet, mee och Verantwortung – Verantwortung, fireeneen do ze sinn, Meenungen ze respektéieren an d'Allgemengt Wuel iwwer egoistesche Interessen ze stellen. Fridden ensteet net vun eleng, mir müssen e liewen, duerch Versteesdemech, Respekt an de Wëllen, Brécken ze bauen.

An Zesummenhalt ass d'Kraaft, déi eis verbënnt an eis de Courage gëtt, fir dat Gutt anzusetzen.

An genau hei kenne mir als Gemengeverantwortlech eisen Deel derzou bäidroen andeems mir eiser Verantwortung bewusst sinn an d'Gemengepolitik am Respekt an am Wuel vun der Allgemengheet gestalten an esou eis Wäerter net nëmme an der Theorie an um Pabeier héich halen ma se am Alldag och wierklech liewen.

Endlech no iwwert 30 Joer geet den 08. Mee 2025 offiziell eis Emgehungsstrooss op, Dir sidd all häerzlech op d'Ouverture invitéiert.

Mat eiser neier Schoul kommen mer och gutt weider, sie hëllt lues a lues Form un.

Notéiert lech och den 14. Juni 2025, do ass eis Nuit du Sport, do wëllen mer mat der Hëllef vun all eise Veräiner a Kommissiounen, der Schoul an der Maison Relais eng flott Manifestatioun fir all eis Bierger man, mir zielen op lech all.

Ech wollt awer net vergiessen nach e puer Merci'en lasszeginn.

Dat hei ass eisem Josée seng lescht Zeitung virun der wuelverdängter Pensioun. Merci fir Alles Josée an profitéier nach laang dovun. Senger Nofolgerin Véronique Hansen, fréier Mataarbechterin vun der Stad Lëtzebuerg, sief dann och e gudden Estand op der neier Plaz gewënscht.

Déi Chance vun enger längerer Pensioun hat eise Rolli nit; leider huet hien eis, esou wéi och de Jean-Marie, vill ze fréi verlooss.

Mam Arny ass e weidere Gemengenaarbichter a Pensioun gaangen a mam Laurent Delleré hu mer e neie Portier op der Fabrik ageallt.

Hinnen all ee grouse Merci gesot fir hiren Asaz fir eis Gemeng. Dir gesitt et kommen grouss Changementer punkto Personal op eis duer, an d'Liewen geet virun.

Schliesslich si mer all frou ze héieren datt et eisem Frënd dem Enzo Colamonaco lues a lues besser geet a mir freeën eis op säi Retour.

Zum Schluss vun dësem méi nodenkleche Virwuert wëll ech lech all e schéint Fréijoer wënschen, genéisst déi schéin Zäit vum Joer, gitt mat oppenen Aen, Häerz a Gëschte duerch d'Liewen an d'Natur – an ech hoffen, deen een oder aneren op engem vun eise flotte Fester ronderëm Ouschteren ze begéinen.

Marc Rehlinger
Schäffen

Chers habitants du Préizerdaul,

Les journées s'allongent, la nature s'éveille – le printemps et Pâques sont à nos portes.

Parallèlement, cela fait maintenant cinq ans que le monde a retenu son souffle un instant. Le 16 mars 2020, le Luxembourg était placé en confinement, marquant le début d'une période très particulière. Il y a des moments dans l'histoire où on a la sensation qu'un événement fondamental est en train de se produire. La pandémie de Covid-19 a été l'un de ces moments.

Aujourd'hui, nous vivons de nouveau dans une période de transition – le monde est en train de changer, et l'Europe ainsi que le Luxembourg doivent faire face à d'importants défis et prendre d'importantes décisions.

Nous devons rester attachés à nos valeurs durement acquises comme la paix, la liberté ou encore la solidarité, même si elles sont remises en question ailleurs dans le monde. Il s'agit de principes fondamentaux pour l'avenir de notre monde ; des valeurs pour lesquelles nos parents et grands-parents ont combattu dans des temps difficiles.

L'Europe et le Luxembourg se trouvent aujourd'hui à un tournant décisif, où des choix cruciaux devront être faits pour garantir la liberté, la paix et la prospérité pour les décennies à venir. La liberté et la paix ne vont pas de soi – elles ont un prix, et nous devons être prêts à l'assumer.

C'est pourquoi il est essentiel que nous soyons forts en tant que société pour défendre nos valeurs. Être fort ne signifie pas forcément exercer du pouvoir, mais plutôt faire preuve d'unité. La liberté ne représente pas seulement l'indépendance, c'est aussi la responsabilité – la responsabilité de s'entraider, de respecter les opinions et de placer le bien commun au-dessus des intérêts individuels. La paix n'est pas une fin en soi ; nous devons continuellement la faire vivre, à travers la compréhension, le respect et la volonté de bâtir des ponts.

Et c'est dans l'union que réside la force qui nous unit et nous donne le courage d'agir pour le bien commun.

En tant qu'élus communaux, nous avons également notre rôle à jouer. Nous devons être conscients de nos responsabilités et mener une politique dans le respect d'autrui et pour le bien de tous, afin que nos valeurs ne restent pas de simples mots sur le papier, mais qu'elles prennent vie au quotidien.

Après plus de 30 ans d'attente, notre contournement ouvrira officiellement le 8 mai 2025. Vous êtes tous chaleureusement invités à son inauguration.

Le chantier considérable de notre nouvelle école avance également dans les délais et le nouveau complexe prend progressivement forme.

Notez aussi la date du 14 juin 2025 : ce sera la Nuit du Sport, un bel événement que nous souhaitons organiser avec l'aide de toutes nos associations et commissions, de l'école et de la Maison Relais, pour tous nos citoyens. Nous comptons sur votre présence !

Je tiens également à adresser quelques remerciements.

Ce journal est la dernière édition sous l'égide de Josée qui prend sa retraite bien méritée. Merci pour tout, Josée, et profite pleinement de cette nouvelle étape ! Nous souhaitons également la bienvenue à Véronique Hansen, ancienne collaboratrice de la Ville de Luxembourg, qui lui succèdera au bureau de la population. Nous lui souhaitons un bon démarrage dans ses nouvelles fonctions.

Malheureusement, notre ancien contremaître Rolli n'a pas eu la chance de profiter d'une retraite plus longue ; il nous a quittés bien trop tôt, tout comme Jean-Marie.

Nous notons également le départ à la retraite de l'ouvrier communal Arny Weber et nous avons le plaisir d'accueillir Laurent Delleré dans notre équipe et qui s'occupera principalement du site « op der Fabrik ».

Un grand merci à tous pour leur engagement envers notre commune ! La structure et l'organisation du personnel communal est en pleine transition, mais la vie continue.

Enfin, nous sommes tous heureux d'apprendre que notre ami Enzo Colamonaco va progressivement mieux, et nous attendons son retour en toute confiance.

Pour conclure cet éditorial peut-être un peu plus pensif, je vous souhaite à tous un beau printemps ensoleillé. Profitez de cette magnifique saison, contemplez la vie et la nature avec les yeux, le cœur et l'esprit ouverts, et j'espère rencontrer certains d'entre vous lors de l'une de nos belles festivités de Pâques.

Marc Rehlinger
Échevin

Verstärkung an der Ekippen vun der Gemeng

Renfort dans l'équipe de la commune



Säit dem 15. Mäerz heescht d'Gemeng de Laurent Delleré wëllkomm an der Ekippen vum Service technique. Ab dem 1. Mee iwwerhëllt de Laurent dann och de Posten vum Portier am centre culturel op der Fabrik. Als geléierten Elektriker freet hien sech schon op seng nei Missioun. De Laurent ass 32 Joer al, Papp vun engem klengen Meedchen an e groussen Fussballfan.

Ereechen kënn Dir de Laurent um Handy op der Nummer 621 14 16 29 oder per Mail portier@preizerdaul.lu

Depuis le 15 mars, la commune souhaite la bienvenue à Laurent Delleré au sein de l'équipe du service technique. A partir du 1er mai, Laurent prendra la relève du portier au centre culturel op der Fabrik. De formation électricien, il se réjouit de sa nouvelle mission. Laurent a 32 ans, il est père d'une petite fille et un grand fan de football.

Vous pouvez joindre Laurent sous le numéro portable 621 14 16 29 ou par courriel portier@preizerdaul.lu

De neigegrënnte Kannercomité bréngt dem Schäfferot seng Doleance vir



Commemoratioun Schankegriecht

Den 21. Dezember 2024 huet am Préizerdaul eng bedeitend Commemoratiounsfeier stattfonnt, fir un den 80. Joresdag vun der Schluecht an der Schankegriecht während der Ardennenoffensiv z'erënnern. Dës gouf vun de Gemenge Groussbus-Wal a Préizerdaul organiséiert.

Trotz dem ville Reen, haten sech vill Leit beim Monument an der Schankegriecht versammelt, fir deenen Zaldoten hiren Asaz an dësem histoiresche Kampf déi néideg Éier z'erweisen. Dobäi hunn d'52nd Fighter Wing vun der Air Base Spangdahlem eng imposant Garde d'honneur gestallt, wat der Feier eng besonnesch feierlech Note ginn huet. Fir déi néideg Atmosphär hunn di militäresch Gefierer gesuergt, déi vum Guy Verhoijens a sengen Kollegen original getrei ausgestellt waren.

D'Zeremonie, moderéiert vun der Mme. Christiane Thommes, huet mat enger Begréissung vum Här Buergermeeschter Marc Gergen ugefaangen, woubäi hien d'Wichtigkeet vun der Erënnung vun dësem histoireschen Dag ervirgehuewen huet. Am Laf vun der Feier goufen zwee nei Panneauen opgedeckt, déi d'Geschicht vun der Schluecht an der Schankegriecht dokumentéieren. Den Här Erny Kohn, President vum Cercle d'Études sur la Bataille des Ardennes (CEBA), huet an engem

Exposé déi histoiresch Hannergrënn beliicht an d'Evenementer vun deemools erkläert.

Weider goung d'Zeremonie mat engem Dépôt vun der Gerben an der "Sonnerie aux morts", fir deene Gefalenen ze gedenken. An de jeeweileg Riede vun den diplomatesche Gäscht – dorënner den Ambassadeur vun den USA an engem Vertrieder vun der däitscher Ambassade – souwéi och vun der Lëtzebuerger Ministesch Mme. Martine Hansen goufen de Respekt an d'Wichtigkeet vun der Mémoire zum Ausdrock bruecht.

De musikaleschen Encadrement mat de Nationalhymnen, gespillt vun de Museksveräiner vu Groussbus-Wal a Préizerdaul, huet der Feier eng besonnesch stëmmungsvoll Atmosphär ginn. Zum Ofschluss huet den Här Buergermeeschter Paul Engel nach e puer Wieder un d'Gäscht geriicht an de gemeinsame Wëllen, d'Geschicht ni ze vergiessen, ervirgestrach.

D'Gäscht konnten deen Dag bei engem gudde Patt an engem klengen Maufel, deen hinnen vun de Luxembourg Military Veterans mam Sven Wald a senger Ekip zervéiert gouf, gemittlech ofschléissen.





Erny T. KOHN
Ried Pannoën
21. Dezember 2024



D'Schluecht an der Schankegréicht

22. Dezember 1944

Léif Éiergäscht, léif Gäscht, léif alleguer

Wéi de 16. Dezember 1944 moies fréi déi däitsch Wehrmacht nach eng Kéier hir Stiwelen op Lëtzebuerger Buedem gesat hat an nach eng Kéier zum Ugrëff iwwer gaang war, konnten d'Awunner aus dem Éisleck an den Ostkantonen Veinen an Iechternach et bal net gleewen. A Gedanke ware si schonn bei Chrëschttag a vill haaten der gemengt dat de Krich geschwënn eriwier wier. Och d'Amerikaner goufe vun dësem Iwerfall komplett iwwerrascht. Den Hitler hat nach eng Kéier versicht am Westen zouzeschloen ... mat groussen, ambitiësen Ziler. Dat hien keent vu dësen Ziler ereecht huet, hu mir hei am Land, jonken, amerikaneschen Zaldoten ze verdanken. Déi hunn sech mat allem wat se haten zur Wier gesat an hunn den däitschen Ugrëff fir d'éischt gebremst an duerno gestoppt. Wéi dunnt de Generol Patton, Freides, den 22. Dezember, dh muer viru genau 80 Joer vu Süden erfort mat sengen Truppen an den däitschen Ugrëffskäil erafiert, sinn déi däitsch Truppen net nëmmen gestoppt mä och nach zrëck gedréckt ginn. An dat ass genau dat wat hei op dëser Plaz an der Schankegréicht passéiert ass, nämlech wéi hei Elementer vun der 352. Volksgrenadéierdivisioun op d'Truppen vun der 26. US Infanteriedivisioun, der sougenannter Yankee-Division gestouss sinn.

Wéi déi amerikanesch Truppen Freidesmoies hei agetraff sinn, kouw et zu enger erbatterter Schluecht op där Plaz wou mir eis haut versammelt hunn. Déi

amerikanesch Zaldoten hunn direkt de Kontakt zum *Ennemie* gesicht. Dofir gouf vir d'éischt hir Opklärungseenheet op d'Strooss Proz-Grosbous eraus geschéckt. Virsichteg hunn déi sech bis hei hinn an d'„Schankegréicht“ virgetaascht, wou ob béide Säiten vun der Strooss, an de Bëscher däitsch Zaldoten an hire Schuetzegriew gelauert hunn. Soubaal se déi amerikanesch Zaldoten entdeckt hunn, hu se op se geschoss an ... hunn se och getraff. D'Schluecht ronderëm d'Schankegréicht war lancéiert an domat och d'Schluecht ëm den Zougang vum Waarkdall.

Wéi sech d'Kämpf weider entwéckelt hunn, si kuerz drop vu béide Säiten Panzer a Stellung bruecht ginn, währenddem d'Infanterie sech weider heftegst bekämpft huet. E puer honnert Meter nördlech vun hei géngt et den Amerikaner een däitsche Panzer ofzeschéissen, den Equipage kritt sech in extremis gerett; ma ee vun denen däitschen Zaldoten verléiert dobäi ee Been. Kuerz drop konnt hien, ee jonke Kärel, vu sengen Kolleegen gebuerge ginn.

Währenddem fällt permanent Schnéi. E puer vun den däitschen Zaldoten, déi vun der russescher Front ofgezu gi waren hunn hir Jacketten mam gréng-brongen Tarnmuster banne-bausse gedréint. Bausse waren hir Jacketten elo wäiss an esou konnten si sech der wäisser Schnéilandschaft upassen. Den amerikanischen Zaldoten huet zu dësem Zäitpunkt nach sämtlecht Wanterequipement gefeelt.

Déi amerikanesch Virhut zitt sech aus der Schankegréicht zrëck a mellst déi erliefte Konfrontatioun, wéi elo just beschriwwen, hirem Gefechtsstand, den entretemps schonn zu Bieberëg agericht gi war. Déi däitsch Volksgrenadéier ginn doropshin selwer zum Ugrëff op Proz iwuer. Eng ganz Rei däitsch Panzer rullen op déi éischt Haiser vu Proz zou. Hannendrun marschéieren däitsch Infanteriezaldoten.

Géint 11.15 Auer moies schloen däitsch Kugelen an déi éischt Haiser zu Proz an. Am Haus Mangen ginn dräi amerikanesch Zaldoten déitlech getraff.

Op der klenger stengener Bréck zu Proz, déi net wäit ewech vun hei iwwer d'Bëschrüederbaach féiert, ginn och zwee US-Zaldoten déidlech verwonnt.

Doropshin evakuéieren d'Amerikaner grouss Deeler vun der Zivilpopulatioun zu Proz an zu Bettborn, déi nach ëmmer an hiren Haiser laanscht d'Hauptstrooss setzen. Währenddem schloe weiderhinn däitsch Gewierkugelen an d'Fassaden vun den Haiser zu Proz an. Een Deel vun der däitscher Soldateska hat sech lénks a riets vun der Strooss, am sougenannten Hintjebësch verschanzt. Mam Gros vun hiren Truppen waren déi Däitsch bis op e puer honnert (100) Meter u Proz erugeréckelt.

D'Amerikaner hunn direkt erkannt dat se méi Feierkraaft gebraucht hunn an hunn, ouni vill Zäit ze verléieren, den Asaaz vun hirer Artillerie ugefrot.

D'Leit vu Proz hunn dat däitlech matkritt. D'Aschléi vun der US-Artillerie an d'Infanteriefier hunn ab 15.00 Auer nomëttes verstärkt zougeholl. Den amerikaneschen *Command Post* huet sech zu dem Zäitpunkt am Paschtoueschhaus zu Bieberëg befonnt. Den Deel vun der Zivilpopulatioun, déi moies am regelrechten Äifer vum Gefecht, net konnt aus der Geforenzon evakuéiert ginn, gouf elo vun den Amerikaner an hir Kellere geschéckt fir sech do géint ee méiglechen, däitschen Durchbroch ze protégéieren. Nach ëmmer hunn déi Däitsch probéiert a Richtung Proz a Bieberëg duerchzebriechen. Déi amerikanesch GIs stiermen an déi iewegt Raimlechkeeten vun den Haiser laanscht d'Hauptstrooss zu Proz, mä awer och zu Bieberëg an installéieren sech do mat hire Maschinengewierer an aneren Infanteriewaffen. Véier vun hire Panzer rullen aus Richtung Platen-Räichel erbäi a positionnéiere sech op der Héicht vun der Schräinerei Closener. Entretemps sinn déi éischt Jeepen mat de Blesséierten aus der Schankegréicht ageliwwert ginn, dorënner och däitsch

Zaldoten. D’Amerikaner hunn elo séier am Hotel Wallenborn-Rausch ee Lazarett agericht, wou sech schlëmm Szeenen ofgespillt hunn.

Kuerz drop zéien sech déi däitsch Ugräifer zrëck. Den Amerikaner war et entretemps gelongen zwee däitsch Panzeren an eng däitsch Panzerofwierkanoun an der Schankegréicht selwer ze zerstéieren. Grad esou wéi verschidden däitsch Maschinengewierpositionen.

Amerikanesch Panzeren fueren dunn op Rëmmereg rop a beschéisse vun do aus zimlech genau déi Plaz wou mir eis am Moment versammelt hunn. An der Tëschenzäit huet sech de Gros vun de Wehrmachtstruppen am Hintjebësch verschanzt an agegruewen. Den däitschen Ugrëff war domat mol bis op Weideres ofgewiert!

An der Nuecht vum 22. op den 23. Dezember 1944 leet sech eng gespenstesch Rou iwwert d’Schluechtfeld. Just Gejéimers an d’Kreesch vun de Schwéierverwonnten war nach ze héieren. Géint Mëtternuecht ass et du lues a lues ëmmer méi roueg ginn, bis dat een näischt méi héieren huet. Déi schwéier verwonnten däitsch Zaldoten hu kee Lieweszeechen méi vu sech ginn.

Samsdesmoies, den 23. Dezember 1944, wéi et nees méi hell ginn ass, hunn déi Däitsch hir Gefaalen direkt niewent der Strooss begruewen. Am Nomëtten, géint 15h15, reent ee weidert amerikanescht Späerfeier rof op den Hintjebësch. No enger halwer Stonn ënnerbriechen d’Amerikaner hiren Artillerieugrëff. Een GI, den sech fräiwëlleg gemellt haat, gött lass geschéckt fir d’Gebitt ronderëm den zerschossene Bësch ze kontrolléieren. Soubal hien seng Positioun verlooss hat, gött hien vun enger däitscher Gewierkugel nidergestreckt. Hien stierft nach op der Plaz. Doropshinn setzen d’Amerikaner nees hir Artillerie an.

Baamstämm zersplitteren, Granatsplitter, Steng a mënschlech Kierperen fléien duerch d'Géigend. Duerno, wéi d'Amerikaner iwwerzeegt waren, dat kee mënschlecht Wiese hire Beschoss iwerlieft kéint hunn, woe si sech an den Hintjebösch eran a stoussen dobäi op ... Doud an Zerstéierung! Zirka 14 däitsch Zaldoten, déi den amerikaneschen Ugrëff iwwerlieft haaten, konnten se nach gefaang huelen. Déi aner waren entweder dout oder hinne war de Réckzuch gelongen.

Dës erbattert Schluecht weist op déi strategesch Wichtigkeet vun dëser Plaz an dëser Regioun hin. Den 23. Dezember 1944, am spéide Nomëtteg war d'Schluecht an der Schankegréicht erwer an déi Amerikaner déi hei gekämpft hunn, sinn duerno weidergezunn iwwer Grosbous an Dellen op Eschduerf dat se ënner schwéiere Verloschter liberéiert hunn a vun do aus weider op de Schumannseck. Zivilpersounen hunn nach am Februar 1945, wéi de Schnéi an d'Äis ofgaange sinn, Läichen vun däitschen Zaldoten hei op dëser Plaz entdeckt.

Ladies and gentlemen, please allow a few words in English and please allow me to remind you once again that a bloody and terrible battle took place here on this little patch of earth. I have left out many of the terrible things that happened here. Trust me, it was worse than what you have just heard. And one more very important thing. We ... as Luxembourgers ... and all the people who live in this country must never forget that we owe our freedom to these young American soldiers who fought for this freedom and ... our peace. Many of them paid for it with their lives, when they ended a war they did not start.

Ech soen Iech Merci!

—dout-acte—

Neijoersreceptioun mat Sportleréierung am Préizerdaul

De 17. Januar hat d' Gemeng Préizerdaul op hir traditionell Neijoersreceptioun an de Kulturzentrum Op der Fabrik invitéiert.

No sengen Neijoerswësch am Numm vum Schäffen- a Gemengerot ass de Buergermeeschter Marc Gergen anhand vun enger flotter Power-Point Projektion op di vill Projete agaangen déi am Joer 2024 faärdig gestallt gi sinn, an am Laf vum Joer 2025 um Programm stinn.



Duerno huet de Schäfte Marc Rehlinger d'Sportler aus eiser Gemeng presentéiert, déi während der Saison 2023/2024 aussergewöhnlech sportlech Leeschtungen konnten virweisen, déi dann och mat engem entspreche Kado honoréiert goufen.

Beim Dësch-Tennis Préizerdaul goufen folgend Sportler fir hir gutt Leeschtunge geéiert:

Pol Kanivé Watry, Jona Schroeder, Nick Ferber, Singeorzan Bogdan, Foos Ferber, Nash Zwank, Jim Lorang, Laure Remy, Danielle Theisen, Dana Weiler, Kim Schroeder, Lis Remy, Tun Ferber. Si all hunn eng éischt bis drëtt Plaz gemeet bei

den Nord- a Landesmeeschterschaften, respektiv aner Competitiounen.

Déi 1. Ekipp vum Dësch-Tennis Préizerdaul ass vun der National 3 an d'National 2 gestiegen; déi 2. Ekipp steigt vun der Divisioun 1 an d'Promotioun. D'Ekipp Jeunes huet déi 3. Plaz am Championnat erreecht.



De Stock-Car Club **Racing Team Power Bull's** ass Landesmeeschter a Gewënner vun der Coupe de Luxembourg 2024 ginn an der Klass 2, respektiv hu si jeweilig déi 3. Plaz an der Klass 1 gewonnen.

Am Eenzel Championnat ass de Claude Schumacher Champion ginn am Klassement vun der Saison a vun der Coupe de Luxembourg. Den David Klein ass zwee mol Vizechampion ginn, an d'Géraldine Lagodny huet déi 3. Plaz am Klassement vun der Saison gemeet.



Beim **Dauler Fiederball** hunn de Felix Loos an de Max Ribeiro déi 1. Plaz beim Tournoi Masters 5 an déi 2. Plaz beim Tournoi Masters 4 ereecht. D'Mandy Boes huet déi 3. Plaz beim Tournoi Masters 4 gemeet.



D'Lena Bidoli huet am TRAP SCHÉISSEN d'Spiller vun de kleng Länner gewonnen, war 2 mol Landesmeeschterin an huet am Grand Prix de France déi 3. Plaz erreecht.



D'Cyclistin Marie Schreiber, wat leider nit konnt bei der Soirée derbei sinn, ass fir seng gutt Performancen an der Stroossen- a Cyclocross-Saison 2024 géiert ginn.

De Servais Antony, President vum „Supporterclub Marie Schreiber », huet dem Marie säin Diplom a Kado entgéint geholl.



Ovatioun Marie Schreiber

28.02.2025



Den 28. Februar hat d'Gemeng Préizerdaul op eng kleng Ovatioun fir d'Marie Schreiber, Gewënnerin vun der Sëlwermedail bei den U23 Dammen op der Cyclocross-Weltmeeschterschaft zu Liévin, an de Centre Culturel "Op der Fabrik" agelueden.

Hei een Auszuch aus dem Buergermeeschter Marc Gergen senger Begréissungsried:

Et ass mir als Buergermeeschter vum Préizerdaul eng grouss Eier, Iech haut hei ze begréissen fir un eiser Sportleréierung vum MARIE SCHREIBER deelzehuelen.

Dëst ass e wichtigen a bedeitende Moment fir eis Gemeng, well mir nit nëmmen déi aktuell Sportlerin d'MARIE éieren, mee och e Bléck op eis räich sportlich Geschicht zeréck werfe kënnen.

Sport war an ass e feste Bestanddeel vun eiser Gemeinschaft, an et ass wichtig, déi Leit wéi d'MARIE SCHREIBER ze wärdigen, déi mat hirem Talent, hirer Disziplin an hirem Engagement e Beispill ginn hunn.

Eis Gemeng hat am Laf vun de Joeren ëmmer nees aussergewöhnlich Sportler oder Sportlerinnen, déi duerch hir Leeschtung an hiren Asaz opgefall sinn. Si hunn nit nëmmen Erfolliger op regionalem, mee ob nationalem oder souguer internationalem Plang gefeiert.

Fir der nëmmen puer opzezielen:

Am Motorsport waren dat de NÉCKEL KOOB, den WILL ANTONY, den LAGODNY JOHN, an de LAGODNY JOHN jr.

Am Schwammen war et de LAURENT CARNOL.

Am Trapschéissen war et viru kuerzem d'LENA BIDOLI.

An am Cyclocross respektiv am Vëlo brauche mir nit wäit vum Marie wegzekucken, de FELIX SCHREIBER, säi Brudder war méi wéi eng Kéier Lëtzebuerger Champion.

Ech hoffen ech hunn elo kee vergiess, de JOSY BARTHEL villäicht, et war zwar keen Dauler mee hien hat awer säin Weekendhäischen hei zu Rëmmerig.

All dës Sportler hunn duerch hir Wëllenskraaft a Passioun gewisen, datt mat Ausdauer an Engagement vill méiglech ass, an datt och aus enger klenger Gemeng grouss Talenter ervirgoe kënnen.

Mat der Éierung vun der Sportlerin MARIE SCHREIBER féiere mir dës Traditioun weider an ënnersträichen, wéi wichtig et ass sportlichen Erfollig ze honoréieren.

Mir hunn hei am Daul nit manner wéi 11 Veräiner déi an iergend enger Sportart tätig sinn esou dass duerchaus an de nächsten Joeren weider Talenter kënnen ropwuessen.

Mee keen Erfollig kënnt aleng. Hannert all Sportler oder Sportlerin steet eng gaunz Ekip vu Leit, déi se ënnerstëtzen. Dofir wëll ech och hinnen e grouse Merci soen, déi am Hannergrond hiert Bescht ginn, d'Traineren, d'Veräiner, d'Bénévolen, beim Marie villäicht speziell dem Mécanicien. An zum Schluss natirlich d'Famill, déi mat hirer Ënnerstëtzung a Motivatioun dozou bäidroen, dat eis Sportler a Sportlerinnen hiert Potenzial voll entfale kënnen.

Sport ass nit nëmmen eng Fro vu Kompetitioun an Trophäen, mee och vu Wäerter wéi Teamgeescht, Respekt a Fairplay. Dës Wäerter maachen nit nëmmen e gudde Sportler oder Sportlerin aus, mee si droen och dozou bäi, datt eis Gemeinschaft gestärkt gétt.

An deem Sënn kënne mir haut hei alleguer houfrig op d'MARIE SCHREIBER sinn. MARIE, Mir wënschen Dir haut an hei nach vill weider Erfolliger an denger nach jonker Karriär.

Esou dass mir eis villäicht nach méi dachs hei an de kommenden Joeren treffen kënnen fir eng Sportleréierung. Ech soen Iech all Merci fir d'Nolauschteren.

De Marc Gergen huet dunn d'Wuert weiderginn un den éischte Schaffen Marc Rehlinger, deen anhand vun enger flotter Power Point Presentatioun dem Marie säi Palmarès Revue passéiere gelooss huet.

No engem Interview mam fréiere Sportreporter Pilo Fonck (Nordlicht) sinn d'Leit dono op e Patt an e Maufel vun der Gemeng invitéiert ginn.

Personaléierungen bei der Gemeng Préizerdau

Den 8. Mäerz 2025 huet op der Fabrik am Préizerdau den traditionelle Banquet vun der Gemeng Préizerdau stattfund.

No der Begréissung an de Merci'en vum Buergermeeschter Marc Gergen u säi Schäffen- a Gemengerot, all d'Mataarbechter vun der Gemeng, Schoul a Maison Relais, de Gemeengekommissiounen an alle Benevollen fir hiert Engagement an déi gutt Zesummenaarbecht am vergaangene Joer, koum et dunn zur Éierung vu follgenden Mataarbechter:

Als éischt krut den Théo Ney e schéine Cadeau iwwerrecht fir seng wäertvoll Aarbecht op der Gemeng vum 1. Dezember 2000 u bis zu senger wuelverdinger Pensioun am September 2024.

Als éischte Gemengentechniker huet den Théo am Ufank vill Opbauaarbecht op der Gemeng geleescht, an dat an de verschiddensten Domainen; seng Aarbecht huet sech nit nëmmen op de rénge Service technique beschränkt, mee éischter villfälteg duerch sämtlech Domainë vun der Verwaltung, sief dat Konventiounen schreiwen oder Kontrakter fir d'Aarbechter opstellen, spéiderhin Tâchë vum Personal vun der Maison Relais opstellen, Ouschteren organiséieren... asw, alles Tâchen, déi elo nit direkt an de klassischen Aufgabeberäich vun engem Gemengentechniker passen, et huet awer een se misse maachen....an den Théo war sech nit ze schued...

Duerno war et um Sanny Nei, dat vum September 2007 bis zu senger Pensioun am Juli 2024 als Kächin an der Maison Relais tätig war, an och e schéine Cadeau iwwerrecht kritt huet.

D'Sanny huet eis Kanner an och d'Personal esou richtig flott mat senger Kachkënschten verwinnt a gouf gläich zur gudder Séil vum Betrib. Dem Sanny war keng Stonn ze fréi, keng ze spéit, hat huet keng offiziell Invitatioun vun der Gemeng verpasst, hat ëmmer fir jiddereen een oppent Ouer, huet ausgehollef wou et gebraucht ginn ass, an d'Kanner haten hat ganz séier an hiert Häerz geschloss.

De Christophe Kleer huet d'Gemeng am Dezember 2024 verlooss, wou hien während bal 12 Joer an der Ekipp vun der Gemengenaarbechter geschafft huet.

De Christophe ass mat senger einfacher an onkomplizierter Aart a Weis gläich positiv opgefall, hie war sech fir keng Aarbecht ze schued an hien huet och nit laang gezéckt fir d'Verantwortung als Chef d'Ekipp an der Jardinage-Ekipp z'iwwerhuelen. Do donieft war hien och gewerkschaftlech aktiv an huet senger fréiere Mataarbechter nach e Kollektivvertrag hannerlooss, deen éischten iwwregens an der Dauler Gemeengegeschicht.

De Christophe wollt sech berufflech veränneren an huet des Erausfuerderung bei der Stad Lëtzebuerg am service jardinage fonnt; dem Christophe gouf mat engem schéine Cadeau alles Guddes, souwuel privat wéi och berufflech gewünscht !

D'Nathalie Gremling gouf da fir seng 25 Joer Dingscht als Léierin an der Schoul Préizerdau geëiert.

Zenter dem Schouljoer 1999/2000 ass d'Nathalie mat vollem Engagement fir seng Schüler do, an do dernieft huet hat och ni gezéckt Verantwortung fir di ganz Schoul Préizerdau z'iwwerhuelen. Sou war et dann och nëmme logesch, dat hat den zousätzleche Job als Präsidentin vum Schoulcomité iwwerholl huet, an dëst während laange Joren. Dëst war dann och bestëmmt nit ëmmer een einfache Job, wou et da gëllt ofzeweien tëscht den Elteren hire Virstellungen, de Kolleegen Enseignant'en hirer Approche an dat gaunzt natierlech am Interêt vum Kand.

D'Nathalie ass dëser Verantwortung gerecht ginn, an sou ass d'Schoul Préizerdau iwwert all di Joren gutt doduerch komm, och wa mol méi stiermesch Zäiten ustunge wéi z. Bsp. D'Covid Zäit, wou all gudden Dag nei Instruktiounen vum Educatiouns- oder Santéministär koumen, déi et da gegoll huet an der Schoul um Terrain ëmzesetzen.

Dem Nathalie gouf nach weiderhin de néidege Courage an déi néideg Power gewënscht fir säin Job als Enseignant och an Zukunft gewëssenhaft ausfüllen ze kënnen. Nieft engem Chèque Cadeau, spent d'Nathalie e gudden Deel un d'ONG "Komm Hëllef mat Préizerdau".



Duerno koum et zur Éierung vun dräi Gemengerotsmemberen:

De **Max Bintener**, deen am Gemengerot war zënter de Walen vum 11. Juni 2023, huet bedingt duerch e Wunningswiessel op Miersch, Ënn 2024 no 1½ Joer am Gemengerot missen demissionéieren. Hie krut mat engem klengen Cadeau Merci fir säin Engagement gesot.

De **Fernand Muller** ass ugetrueden bei de Walen vum Oktober 1999 an ass de zanterhier onënnerbrach am Dauler Gemengerot, dovunner Schäffen vun Oktober 2010 bis Dezember 2011 an och elo erëm säit Januar 2021. Als Klimaschäffen setzt de Fernand sech tatkräftig an fir erneierbar

Energien an der Gemeng. De Fernand spent de Montant vu sengem Cadeau integral un d'Fondatioun Kriibskrank Kanner.

De **René Zigrand** ass och säit de Walen vum Oktober 1999 bis haut am Gemengerot, a war Schäffen vun November 2017 bis Dezember 2020. Och hien kritt mat engem Chèque Cadeau Merci gesot.

Ervirgehewe goufen dann och d'Verdingschter vu 4 Benevolen, déi e ganz Joer am Dingscht vun der Gemeng stungen: Den Arthur Bour an de Claude Steichen sinn aktiv am Digital Archiv Préizerdau, de Jos Bormann am Musée Michel Lucius an de Charel Reiser als Gemeengefotograph.



Opruff fir d'Éierung vu verdingschtvolle Studenten

Appel aux élèves méritants

D'Studenten, déi am Laf vum Joer 2024 een Diplom kritt hunn, déen de Konditiounen vum Gemengereglement vum 29. Januar 2025 hei ënnen drënner entsprécht, si gebieden hir Demand mat enger Kopie vum Diplom fir d'Éierung 2024 bis den 1. Juni 2025 un de Schäfferot eran ze schécken, college@preizerdau.lu

Déi concernéiert Studenten ginn um Virowend vun Nationalfeierdag geéiert.

Les étudiants qui ont obtenu un diplôme au cours de l'année 2024, et qui remplissent les conditions du règlement communal du 29 janvier 2025 ci-après, sont priés de remettre leur demande, avec une copie du diplôme, en tant qu'élève méritant de l'année 2024 au collège échevinal jusqu'au 1er juin 2025, par email au college@preizerdau.lu

Les élèves méritants seront récompensés lors de la veille de la fête nationale.

Extrait du règlement communal du 29.01.2025 :

Article 5 : Éligibilité dans la catégorie « élèves méritants » :

Les élèves résidants au 1^{er} janvier de l'année concernée de la commune Préizerdau qui ont obtenu soit

- un DAP (diplôme d'aptitude professionnelle) ou CCP (certificat de capacité professionnelle) ;
- un diplôme de fin d'études secondaires classiques ou générales ou de technicien ;
- un brevet de technicien supérieur (BTS), brevet de maîtrise ou diplôme d'éducateur ;
- un diplôme universitaire de bachelor respectivement de master ;

sont éligibles pour la nomination d'élève méritant.

État civil

Naissances

25.02.2025

Hilger Caya Sophia

04.03.2025

Papier Mailo

Décès

16.12.2024

Cagnon Christiane

24.12.2024

Lidzbarski Thaddäus

04.01.2025

Reding Nicolas

05.02.2025

Wolter René

11.02.2025

Lopes Da Costa Vieira
Santos Luis Miguel

17.02.2025

Peschon Ferdy

06.03.2025

Wilmes Marie

07.03.2025

Zigrand Roland

9^e rencontre des conseils communaux de la Vallée de l'Attert belgo-luxembourgeoise



Organisée à tour de rôle dans l'une des communes de la Vallée, cette rencontre permet aux élus, directeurs financiers, secrétaires communaux et responsables techniques de découvrir un bout de territoire de la commune « hôte » et de rencontrer les représentants des autres communes pour discuter de nouvelles pistes de projet.

Cette année, c'est la commune de Ell qui a accueilli cet évènement sous la coordination du Parc naturel de la

Vallée de l'Attert qui assure l'animation de la collaboration transfrontalière.

La rencontre a débuté par une visite guidée historique très intéressante au château de Colpach. Guidés par l'historienne de l'art Patricia De Zwaef, les participants ont été impressionnés par le nombre d'hôtes célèbres et la collection d'œuvres d'art post-impressionnistes qui ont transité par le château grâce à ses propriétaires. L'histoire et la restauration de la bâtisse classée ont également été évoquées et une balade dans le parc aménagé a permis de découvrir des sculptures réalisées par les plus grands artistes du début du 20^e siècle (Maillol, Bourdelle, Despiau, Kolbe)

Le deuxième rendez-vous était fixé à la Aal Schoul, ancienne école superbement bien rénovée en salle de fête dans le village de Roodt. Henri Rasqué, bourgmestre de Ell et Luc Quiryren, bourgmestre d'Attert ont rappelé l'importance de cette collaboration qui a vu le jour il y a une trentaine d'années. Quant à Sylvie Hubert du Parc naturel de la Vallée de l'Attert, elle a rappelé les projets menés tant au niveau culturel, sportif, touristique qu'au niveau pédagogique ou environnemental.

NUIT 2025 DU SPORT

16. EDITION

DE PRÉIZERDAUL
MÉCHT MAT

14/06
2025

SAVE THE DATE

NUITDUSPORT.LU



Service national
de la jeunesse



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports



LËTZEBUERG LIIFTSPORT



ALLER

PORTES OUVERTES
26 avril 2025
de 09h00 à 13h00

Départ de la dernière visite à 12h00

Informations supplémentaires: www.alr.lu

PORTES OUVERTES 26.04.2025

Lycée avec son internat



D'pedagogesch Team aus dem Internat proposéiert Ärem Kand:



- En Internat an engem rouegen natierlecher Ëmwelt, direkt nieft dem Lycée
 - Eng enk Zesummenaarbecht mam Léierpersonal
 - E strukturéierten a gereegelten Dagesoflaf, wou de Schwéierpunkt um Léiere läit
- All Dag eng festgeluechte Léierzäit
 - E Gläichgewicht tëscht Schoul a sënnvoller Fräizäitbeschäftegung
 - Eng Plaz an enger Duebel- oder Eenzelkummer mat eegenem Buedzëmmer

**Fir weider Informatiounen iwwert eist Internat, kënnt Dir lech melle per mail:
internat@alr.lu oder per Telefon 26 62 32 - 700**

L'équipe pédagogique propose:

- Un internat situé en pleine nature, à deux pas du lycée
- Une relation étroite avec le corps enseignant du lycée
- Une journée structurée, clairement orientée vers des objectifs de réussite scolaire
- Un temps d'étude journalier, avec prise en considération des rythmes d'apprentissage de chaque élève



- Un rythme de vie structuré et réglementé
- Un équilibre entre étude et temps libre favorisé par un environnement calme
- Dans une chambre double ou simple, avec salle de bain privative

N'hésitez pas à nous contacter pour de plus amples informations sur notre internat.

Mail: internat@alr.lu ou téléphone: 26 62 32 - 700

Sitzungsbericht vom 19. Dezember 2024

Procès-verbal de la séance du conseil communal du 19 décembre 2024

Anwesend/Présent : Gergen Marc,
Bürgermeister/bourgmestre; Rehlinger Marc,
Müller Fernand, Schöffren/échevins;
Bintener Max, Bönigk Mareike, Schaus Tom,
Zigrand René, Gemeinderäte/conseillers;

Entschuldigt/Absent : Colamonaco Enzo, Hilger
François, Gemeinderäte/conseillers

Alle Beschlüsse mit Ausnahme der Punkte 6, 7 und
8 der Tagesordnung wurden einstimmig gefasst.
*Toutes les résolutions, à l'exception des points 6, 7 et 8
de l'ordre du jour, sont adoptées à l'unanimité.*

1. Devis Asta für die Instandsetzung des « Waler Weg » auf einer Länge von 1020 m

Der Gemeinderat beschließt den Waler Weg in Pratz auf einer
Länge von 1.020 m zum Preis von 169.750 € zu erneuern; eine
Ausgabe welche zu 30 % vom Staat bezuschusst wird.

2. Haushaltsvorlage Oscore

Die Räte verabschieden den Haushalt des Sozialamtes des
Kanton Redingen; der Beitrag der Gemeinde Präizerdau
beträgt für das kommende Jahr 59.745,13 €.

3. Kapitalerhöhung DEA

Auf Anfrage der DEA entscheidet sich der Gemeinderat die
Kapitalerhöhung in einer einzigen Zahlung zu tilgen.

4. Prämien für Energie sparende Haushaltsgeräte

Das Syndikat « Réidener Kanton » hat unlängst beschlossen
die Prämien für Energie sparende Maßnahmen von 100 € auf
150 € zu erhöhen, sowie eine Zulage bis maximal 250 € zu
gewähren bei der Reparatur von defekten Haushaltsgeräten.

5. Schaffen von 2 Posten in den Gehaltsstufen B1 und C1 im Statut des Gemeindebeamten in der Gemeindeverwaltung und 1 Posten in der Gehaltsstufe C4 für die Maison Relais

Die Räte zeigen sich einverstanden mit der Schaffung der
jeweiligen Posten.

6. Rektifizierter Haushalt des Jahres 2024 und Haushaltsvorlage 2025

Der berichtigte Haushalt des Jahres 2024 wird einstimmig
angenommen, derweil Rat Zigrand seine Zustimmung zur
Haushaltsvorlage 2025 verweigert, da er nicht mit dem

1. Devis Asta pour la réfection du « Waler Weg » sur une longueur de 1.020 m

Le conseil communal décide de rénover le chemin « Waler
Weg » à Pratz sur une longueur de 1 020 m pour un montant
de 169 750 € ; une dépense subventionnée à hauteur de
30 % par l'État.

2. Budget Oscore

Les conseillers approuvent le budget de l'office social du
canton de Redange ; la contribution de la commune de
Präizerdau s'élève à 59 745,13 € pour l'année à venir.

3. Augmentation de capital de la DEA

Suite à une demande de la DEA, le conseil communal décide
de régler l'augmentation de capital en un seul versement.

4. Primes pour les appareils électroménagers économes en énergie

Le syndicat « Réidener Kanton » a récemment décidé de
porter les primes pour les mesures d'économie d'énergie de
100 € à 150 €, et d'accorder une subvention pouvant aller
jusqu'à 250 € pour la réparation d'appareils électroménagers
défectueux.

5. Création de 2 postes dans les groupes de traitement B1 et C1 dans le statut des fonctionnaires communaux, ainsi qu'un poste en C4 pour la Maison Relais

Les conseillers approuvent la création des postes en
question.

6. Budget rectificatif 2024 et budget prévisionnel 2025

Le budget rectificatif 2024 est adopté à l'unanimité. En
revanche, le conseiller Zigrand refuse d'approuver le budget

Ausmaß und Ausrichtung des Schulkomplexes einverstanden ist. Seiner Ansicht nach würden vergleichbare Projekte in Nachbargemeinden sämtliche Zyklen umfassen, derweilen bei hiesigem Projekt zu viel Wert in die architektonische Gestaltung gelegt würde.

7. Grundsatzbeschluss zwecks Aufnahme einer Anleihe

Bei Gegenstimme von Rat Zigrand beschließt der Gemeinderat eine Anleihe von 9.000.000 € aufzunehmen zwecks Finanzierung des neuen Schulkomplexes.

8. Grundsatzbeschluss zwecks Aufnahme einer Finanzierungslinie

Bei Gegenstimme von Rat Zigrand beschließt der Gemeinderat eine Finanzierungslinie bei einem Kreditinstitut in Höhe von 669.592 € anzufragen, was den Restbetrag der staatlichen Zuwendung darstellt.

9. Personalangelegenheiten

Einem Beamten des technischen Dienstes wird eine Verlängerung seiner Stage Zeit gewährt.

10. Verschiedenes

Bürgermeister Gergen beantwortete Rat Zigrand einige Fragen, welche letzterer an den Schöffenrat gestellt hatte:

Die neue Zugangstrasse zur Bauschuttdeponie konnte aufgrund einer fehlenden Genehmigung seitens der Naturschutzverwaltung nicht eröffnet werden.

Was den Winterdienst angeht, so arbeitet der technische Dienst der Gemeinde in enger Absprache mit der staatlichen Straßen Verwaltung zusammen und wird von letzterer kontaktiert bei Glättegefahr. Rat Bönigk verlangte in dem Zusammenhang, dass das Salzstreuen auf ein Minimum reduziert werden soll.

Personalangelegenheiten wurden bereits in der Sitzung thematisiert.

Was technische Abänderungen am neuen Schulkomplex angehen, so ist hauptsächlich die Abkehr von der ursprünglich vorgesehenen Heizungsanlage, in welcher Miscanthus verbrannt werden sollte zwecks Energiegewinnung hin zu einer herkömmlichen Holzhackschnitzelanlage.

